

Lëtzebuerg, de 6 Januar 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„ Am Kontext vun den EU-Klimaziler 2030, hunn d'Notzung vun erneierbaren Energiequellen, d'Energieeffizienz an d'Energieaspuerung déi lëscht Jore staark zougeholl. A verschiddene Géigende vum Land – an deenen d'Bëschbestänn et erlaben – gëtt d'Holz schonn zanter längerem als wichteg Energiequell ugesinn. Deementspriechend hunn eng Partie Gemengen an de leschte Joren Hackschnätzelanlagen uechtert d'Land installéiert, an deenen d'Holz aus der direkter Ëmgéigend als Energiequell fir d'Hëtze vun öffentleche Gebaier gebraucht gëtt. An deem Kontext ass eis zougedroe ginn, dass et deslescht bei verschiddenen Depoten – an deenen Hackschnätzeln produzéiert a gelagert gëtt – Problemer mat Ëmweltgeneemegunge gouf.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Gesäit den Ëmweltministère d'Hackschnätzelanlage weider als sënnvoll un?*
- *Ass d'Madamm Minister der Meenung, dass Gemenge mat entsprecheden Holzbestänn an Zukunft solle verstärkt op Hackschnätzelanlagen zeréckgräifen, fir öffentlech Gebaier ze hëtzen?*
- *Wéi vill öffentlech Hackschnätzeln-Projete sinn zanter dem neien Naturschutzgesetz ëmgesat ginn?*
- *Huet d'Madamm Minister konkret Informatiounen iwwert d'Impakter vun Hackschnätzelanlagen op d'Natur, d'Landschaft an d'Liewensqualitéit hei am Land?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *Erlaabt d'Naturschutzgesetz de Bau vun engem Depot an enger ‚Zone verte‘, an deem Hackschnitzel produzéiert a gelagert gëtt?*
- *Wann net, spillt dann d'Ausnam vun der ‚Utilité publique‘, wann d'Gemeng de Bauhär vun esou engem Depot ass?*
- *Kann eng Gemeng beim Bau vun enger Hackschnitzelanlag vu staatleche Subventiounen profitieren? Wa jo, vu wéi enge genee?*
- *Gëtt et Alternativen zu enger Hackschnitzelanlag, fir ëffentlech Gebaier ze hëtzen, déi vum Ëmweltministère ënnerstëtzt ginn? “*

Mat déiwem Respekt.

Max HAHN  
Deputéierten

Claude LAMBERTY  
Deputéierten